



**Schola Europaea**

Office of the Secretary-General  
**Pedagogical Development Unit**

**Ref.: 2017-09-D-25-lu-2**

**LËTZEBUERGESCH VERSIOUN**



## **Programm fir all L V Sproochen – Cours complémentaire (S6-S7)**

---

**APPROVED BY THE JOINT TEACHING COMMITTEE AT ITS MEETING OF 12 AND  
13 OCTOBER 2017 IN BRUSSELS**

**Entry into force on 1 September 2018 for S6  
on 1 September 2019 for S7**

**Attainment descriptors: on 1 September 2019 for S6  
on 1 September 2020 for S7**

## Aleedung:

De Cours complémentaire L V riicht sech u Schüler, déi sech besonnesch fir d'Léiere vu Sproochen interesséieren. Am Kader vun dësem Cours léieren d'Schüler, an enger neier Friemsprooch ze kommunizéieren an hire kulturellen Horizont ze erweideren.

De Cours ass speziell fir Ufänger konzipéiert.

D'Léierziler orientéiere sech un den Niveaue vum *Cadre européen commun de référence pour les langues (CECRL)*.

L V Zyklus 3 (S6 + S7)	Kompetenzniveau A 1
---------------------------	------------------------

D'Léieren an d'Ënnerriichte vu Friemsproochen an den Europäesche Schoule baséieren op de Kompetenzniveaue vum CECRL.

L II	C1
L II Verdéiwung	C 1 +
L III	B 1 +
L IV	A2 +

## 1. Allgemeng Léierziler

De Cycle secondaire vun der Europäescher Schoul huet eng duebel Missioun, engersäits d'Vermëttlung vu Basiswëssen a verschiddene Fächer an anerersäits d'Fërderung vun der perséinlecher Entwécklung vun Schüler an engem erweiderte sozialen a kulturelle Kontext. Zum Basiswësse gehéiert d'Uneegne an d'Uwenne vu Kenntneser esou wéi vu Methoden a Fäegkeeten an all Fach. Déi perséinlech Entwécklung vun de Schüler erfollegt an engem geeschtegen, moraleschen, sozialen a kulturelle Kontext. Dozou gehéiert d'Léiere vun engem korrekten Verhalten, e Verständnis fir d'Ëmfeld, an deem si liewen a schaffen esou wéi d'Entwécklung vun enger eegener Identitéit.

Zu dësen zwou Missiounen, déi een an der Praxis net vuneneen trenne kann, gehéiert och eng verstärkt Sensibiliséierung fir de Räichtum vun der europäescher Kultur. Dëst Verständnis an d'Erfahrungen aus dem aldeeglechen Zesummeliewen an den Europäesche Schoule sollen de Schüler hëllefen, d'Traditiounen vu jiddwer Land a Regioun an Europa ze respektéieren a gläichzäiteg hir eegen Identitéit z'erhalen.

D'Schüler vun den Europäesche Schoule sinn zukünfteg Bierger vun Europa an der Welt. Dofir brauche si eng Rei vu Kompetenzen, déi et hinnen erlaben, sech den Erausforderungen an enger Welt, déi sech séier ännert, stellen ze kënnen. 2006 hunn den Europarot an d'Europäescht Parlament den Europäesche Referenzkader mat de Schlësselkompetenze fir liewenslaangt Léieren (*Cadre européen des compétences clés pour l'apprentissage tout au long de la vie*) ugeholl. Am Europäesche Referenzkader ginn aacht Schlësselkompetenze genannt, déi jidderee fir d'Entfalung an d'Entwécklung vun der Perséinlechkeet, fir d'Integratioun an d'Gesellschaft a fir d'Beruffsliewe brauch:

1. mamesproochlech Kompetenz
2. friemsproochlech Kompetenz
3. mathematesch Kompetenz a Basiskompetenzen an den Naturwëssenschaften an den Technologien
4. Kompetenz an der Informatik

5. Léieren ze léieren
6. sozial a staatsbiergerlech Kompetenzen
7. Eegeninitiativ an Esprit d'entreprise
8. Kulturverständnis a kulturell Ausdrucksfäegkeet

Zil vum Programm vun den Europäesche Schoulen ass d'Entwécklung vun all dëse Schlësselkompetenze bei de Schüler. D'Sproocheprogrammer leeschten e wichtege Bäitrag net nëmme fir d'Entwécklung vun de kommunikativen, mä och vun de sozialen a staatsbiergerleche Kompetenzen esou wéi zur Sensibiliséierung fir kulturell Ënnerscheeder an hiren Ausdrucksformen.

D'Léiere vun enger 5. Sprooch (L V), *ab initio*, ass fakultativ fir all Schüler vun de sechsten a siwente Klassen am Cycle Secondaire a baséiert op zwou Stonnen d'Woch während zwee Joer.

## 2. Didaktesch Prinzipien

Déi folgend didaktesch Prinzipien sollen d'Ënnerriichten an d'Léiere vun L V leeden:

- Globaalt Léierzil ass d'kommunikativ Sproochkompetenz.
- Schwéierpunkt sinn d'Fäegkeeten Lauschten, Liesen a Mëndlech Interaktioun. D'Fäegkeete Mëndlech Produktioun a Schreiwen hunn e manner grouse Stellewäert.
- D'Enseignante sollen d'sproochlech Kompetenzen an d'Léiermethoden, déi d'Schüler sech schonn ugëeegent hunn notzen.
- Verschidde Léiermëttel, och digital Léiermëttel, sollen d'Schüler beim Léiere vun der Zilsprooch ënnerstëtzen.
- Fir d'Léiere vun der Grammatik, der Morphologie an dem Vocabulaire soll eng fonctionnell Approche ugewannt ginn.

Dës Lëscht ass net vollstänneg an enthält och keng Reiefolleg.

## 3. Léierziler fir den Zyklus 3 (S6 - S7)

Um Enn vun S7 soll de Schüler déi folgend Fäegkeeten hunn:

1. vertrauten, aldeeglech Wierder an Expressiounen verstoen, déi sech op seng Persoun, seng Famill oder säin Ëmfeld bezéien, wa lues an däitlech geschwat gëtt
2. kuerz, einfach Texter iwwert aldeeglech Theme liesen a verstoen
3. sech op eng einfach Manéier verstännegen a Froen iwwert dat perséinlecht Ëmfeld a vertrauten Theme stellen an esou Froen beäntweren
4. einfach Ausdréck a Sätz benotzen, fir vertraute Persounen a Saachen ze beschreiwen
5. kuerz, einfach Texter iwwert vertrauten a fir de Schüler relevant Theme schreiwen esou wéi Formularen ausfüllen
6. e Grondverständnis vu kulturellen Aspekter vun de Länner vun der Zilsprooch hunn
7. e Bezug tëschent sengem Kulturverständnis a kulturellen Aspekter vun de Länner vun der Zilsprooch hirstellen
8. grondleeënd Strategië fir d'Léiere vu Sprooch kennen an uwennen
9. grondleeënd Léiermethoden a Léiermëttel fir d'Léiere vun enger Zilsprooch uwennen

#### **4. Inhalt**

Um Enn vun S7 soll de Schüler déi folgend Kenntneser hunn:

- Grondkenntneser vun der Aussprooch, der Sazintonatioun an der Orthographie
- Kenntnes vum Basivocabulaire a vun einfachen Expressiounen
- Kenntnes vun einfache morphologeschen a grammatesche Strukturen
- Wëssen, wéi een en Dictionnaire an aner Hëllefsmëttel, digital Hëllefsmëttel abegraff, benotzt
- Kenntnes vun Aspekter vun der Kultur vun der Zilsprooch
- Kenntnes vu Methoden, fir eng Sprooch ze léieren esou wéi Aschätzung vu senger eegener Progressioun

#### **5. Evaluatioun**

##### **Zyklus 3 (S6 – S7)**

D'Evaluatioun soll haaptsächlech formativ sinn.

D'Nott fir den Europäesche BAC besteet aus

- a) enger formativer Evaluatioun an der Klass
- b) Tester vun de Kompetenzen Lauschteren, Liesen, Mëndlech Interaktioun, Mëndlech Produktioun a Schreiwen

Duerch de Suivi vum Enseignant, d'schrëftlech Tester an d'Autoevaluatioun léieren d'Schüler, hiren Niveau an hir Progressioun am Cours anzeschätzen.

D'Basis fir d'Evaluatioun sinn d'Léierziler fir den Zyklus. D'Tabelle fir d'Autoevaluatioun vum CECRL a vun den Europäesche Sproocheportfolioe kënnen dofir benotzt ginn.

### 5.1. Deskripteure fir d'Kompetenzniveauen

Nott	Leeschtung	Alphabetisch Nott	Kompetenz	Zyklus 3
9-10	Excellent	A	Lauschteren	De Schüler ka vertrauten, aldeeglech Wieder an Expressiounen, déi sech op seng Persoun, seng Famill oder säin Ëmfeld bezéien excellent verstoen, wa lues an däitlech geschwat gëtt.
			Liesen	De Schüler ka kuerz, einfach Texter iwwert aldeeglech Themen excellent liesen a verstoen.
			Mëndlech Interaktioun	De Schüler ka sech excellent op eng einfach Manéier verstännegen esou wéi Froen iwwert dat perséinlecht Ëmfeld a vertrauten Theme stellen an esou Froen beäntweren.
			Mëndlech Produktioun	De Schüler kann einfach Ausdréck a Sätz, fir vertraute Persounen a Saachen ze beschreiwen excellent benotzen.
			Schreiwen	De Schüler ka kuerz, einfach Texter iwwert vertrauten a fir de Schüler relevant Themen excellent schreiwen esou wéi Formularen ausfüllen.
			Kulturverständnis	De Schüler huet en excellent Grondverständnis vu kulturellen Aspekter vun de Länner vun der Zilsprooch a kann e Bezuch tëschent sengem Kulturverständnis a kulturellen Aspekter vun de Länner vun der Zilsprooch excellent hirstellen.
			Sproocheléieren	De Schüler huet eng excellent Kenntnes vu grondleeënde Strategië fir d'Léiere vu Sproochen a kann dës Strategien uwennen. Hie ka grondleeënd Léiermethoden a Léiermëttel fir d'Léiere vun enger Zilsprooch excellent uwennen.

<b>8-8.9</b>	<b>Ganz gutt</b>	<b>B</b>	Lauschteren	De Schüler ka vertrauten, aldeeglech Wierder an Expressiounen, déi sech op seng Persoun, seng Famill oder säin Ëmfeld bezéien ganz gutt verstoen, wa lues an däitlech geschwat gëtt.
			Liesen	De Schüler ka kuerz, einfach Texter iwwert aldeeglech Theme ganz gutt liesen a verstoen.
			Mëndlech Interaktioun	De Schüler ka sech ganz gutt op eng einfach Manéier verstännegen esou wéi Froe stellen, déi sech op dat aldeeglecht Ëmfeld a vertrauten Theme bezéien an esou Froen beäntweren.
			Mëndlech Produktioun	De Schüler kann einfach Ausdréck a Sätz, fir vertraute Persounen a Saachen ze beschreiwe ganz gutt benotzen.
			Schreiwén	De Schüler ka kuerz, einfach Texter iwwert vertrauten a fir de Schüler relevant Theme ganz gutt schreiwén esou wéi Formulären ausfëllen.
			Kulturverständnis	De Schüler huet e ganz gutt Grondverständnis vu kulturellen Aspekter vun de Länner vun der Zilsprooch a kann e Bezuch tëschent sengem Kulturverständnis a kulturellen Aspekter vun de Länner vun der Zilsprooch ganz gutt hirstellen.
			Sproocheléieren	De Schüler huet eng ganz gutt Kenntnes vu grondleeënde Strategië fir d'Léiere vu Sproochen a kann dës Strategien uwennen. Hie ka grondleeënd Léiermethoden a Léiermëttel fir d'Léiere vun enger Zilsprooch ganz gutt uwennen.

<b>7-7.9</b>	<b>Gutt</b>	<b>C</b>	Lauschteren	De Schüler ka vertrauten, aldeeglech Wieder an Expressiounen, déi sech op seng Persoun, seng Famill oder säin Ęmfeld bezéien gutt verstoen, wa lues an däitlech geschwat gëtt.
			Liesen	De Schüler ka kuerz, einfach Texter iwwert aldeeglech Theme gutt liesen a verstoen.
			Mëndlech Interaktioun	De Schüler ka sech gutt op eng einfach Manéier verstänneg esou wéi Froe stellen, déi sech op dat aldeeglecht Ęmfeld a vertrauten Theme bezéien an esou Froen beäntweren.
			Mëndlech Produktioun	De Schüler kann einfach Ausdréck a Sätz, fir vertraute Persounen a Saachen ze beschreiwe gutt benotzen.
			Schreiwén	De Schüler ka kuerz, einfach Texter iwwert vertrauten a fir de Schüler relevant Theme gutt schreiwén esou wéi Formulären ausfüllen.
			Kulturverständnis	De Schüler huet e gutt Grondverständnis vu kulturellen Aspekter vun de Länner vun der Zilsprooch a kann e Bezug tëschent sengem Kulturverständnis a kulturellen Aspekter vun de Länner vun der Zilsprooch gutt hirstellen.
			Sproocheléieren	De Schüler huet eng gutt Kenntnes vu grondleeënde Strategië fir d' Léiere vu Sproochen a kann dës Strategien uwenen. Hie ka grondleeënd Léiermethoden a Léiermëttel fir d' Léiere vun enger Zilsprooch gutt uwenen.

6-6.9	Zefriddestellend	D	Lauschteren	De Schüler ka vertrauten, aldeeglech Wierder an Expressiounen, déi sech op seng Persoun, seng Famill oder säin Ëmfeld bezéien zefriddestellend verstoen, wa lues an däitlech geschwat gëtt.
			Liesen	De Schüler ka kuerz, einfach Texter iwwert aldeeglech Themen zefriddestellend liesen a verstoen.
			Mëndlech Interaktioun	De Schüler ka sech zefriddestellend op eng einfach Manéier verstännegen a Froe stellen, déi sech op dat aldeeglecht Ëmfeld a vertrauten Theme bezéien an esou Froen beäntweren.
			Mëndlech Produktioun	De Schüler kann einfach Ausdréck a Sätz, fir vertraute Persounen a Saachen ze beschreiwen zefriddestellend benotzen.
			Schreiwen	De Schüler ka kuerz, einfach Texter iwwert vertrauten a fir de Schüler relevant Themen zefriddestellend schreiwen esou wéi Formularen ausfüllen.
			Kulturverständnis	De Schüler huet en zefriddestellend Grondverständnis vu kulturellen Aspekter vun de Länner vun der Zilsprooch a kann e Bezuch tëschent sengem Kulturverständnis a kulturellen Aspekter vun de Länner vun der Zilsprooch zefriddestellend hirstellen.
			Sproocheléieren	De Schüler huet eng zefriddestellend Kenntnes vu grondleeënde Strategië fir d'Léiere vu Sproochen a kann dës Strategien uwennen. Hie ka grondleeënd Léiermethoden a Léiermëttel fir d'Léiere vun enger Zilsprooch zefriddestellend uwennen.



5-5.9	Adequat (Genügend)	E	Lauschteren	De Schüler ka vertrauten, aldeeglech Wierder an Expressiounen, déi sech op seng Persoun, seng Famill oder säin Ëmfeld bezéien adequat verstoen, wa lues an däitlech geschwat gëtt.
			Liesen	De Schüler ka kuerz, einfach Texter iwwert aldeeglech Themen adequat liesen a verstoen.
			Mëndlech Interaktioun	De Schüler ka sech adequat op eng einfach Manéier verstännegen esou wéi Froe stellen, déi sech op dat aldeeglecht Ëmfeld a vertrauten Theme bezéien an esou Froen beäntweren.
			Mëndlech Produktioun	De Schüler kann einfach Ausdréck a Sätz, fir vertraute Persounen a Saachen ze beschreiwen adequat benotzen.
			Schreiwen	De Schüler ka kuerz, einfach Texter iwwert vertrauten a fir de Schüler relevant Themen adequat schreiwen esou wéi Formularen ausfüllen.
			Kulturverständnis	De Schüler kann en adequat Grondverständnis vu kulturellen Aspekter vun de Länner vun der Zilsprooch nowisen a kann e Bezuch tëschent sengem Kulturverständnis a kulturellen Aspekter vun de Länner vun der Zilsprooch adequat hirstellen.
			Sproocheléieren	De Schüler huet eng adequat Kenntnes vu grondleeënde Strategië fir d'Léiere vu Sproochen a kann dës Strategien uwennen. Hie ka grondleeënd Léiermethoden a Léiermëttel fir d'Léiere vun enger Zilsprooch adequat uwennen.

3-4.9	Net adequat (Ongenügend)	F	Lauschteren	De Schüler ass net kapabel, vertrauten, aldeeglech Wierder an Expressiounen, déi sech op seng Persoun, seng Famill oder säin Ëmfeld bezéien adequat ze verstoen, wa lues an däitlech geschwat gëtt.
			Liesen	De Schüler ass net kapabel, kuerz, einfach Texter iwwert aldeeglech Themen adequat ze liesen an ze verstoen.
			Mëndlech Interaktioun	De Schüler ass net kapabel, sech adequat op eng einfach Manéier ze verstänneges esou wéi Froen ze stellen, déi sech op dat aldeeglecht Ëmfeld a vertrauten Theme bezéien an esou Froen ze beäntweren.
			Mëndlech Produktioun	De Schüler ass net kapabel, einfach Ausdréck a Sätz adequat ze benotzen, fir vertraute Persounen a Saachen ze beschreiwen.
			Schreiwen	De Schüler ass net kapabel, kuerz, einfach Texter iwwert vertrauten a fir de Schüler relevant Themen adequat ze schreiwen esou wéi Formularen auszufüllen.
			Kulturverständnis	De Schüler ass net kapabel, en adequat Grondverständnis vu kulturellen Aspekter vun de Länner vun der Zilsprooch nozeweisen an ass net kapabel, e Bezuch tëschent sengem Kulturverständnis a kulturellen Aspekter vun de Länner vun der Zilsprooch adequat hirzestellen.
			Sproocheléieren	De Schüler ass net kapabel, eng adequat Kenntnes vu grondleeënde Strategië fir d'Léiere vu Sproochen nozeweisen an ass net kapabel, dës Strategien adequat unzewennen. Hien ass net kapabel, grondleeënd Léiermethoden a Léiermëttel fir d'Léiere vun enger Zilsprooch adequat unzewennen.

0-2.9	Ongenügend (Schwaach)	FX	Lauschteren	De Schüler ass net kapabel, vertrauten, aldeeglech Wierder an Expressiounen, déi sech op seng Persoun, seng Famill oder säin Ëmfeld bezéien ze verstoen, wa lues an däitlech geschwat gëtt.
			Liesen	De Schüler ass net kapabel, kuerz, einfach Texter iwwert aldeeglech Themen ze liesen an ze verstoen.
			Mëndlech Interaktioun	De Schüler ass net kapabel, sech op eng einfach Manéier ze verstänneges esou wéi Froen ze stellen, déi sech op dat aldeeglecht Ëmfeld a vertrauten Theme bezéien an esou Froen ze beäntweren.
			Mëndlech Produktioun	De Schüler ass net kapabel, einfach Ausdréck a Sätz ze benotzen, fir vertraute Persounen a Saachen ze beschreiwen.
			Schreiwen	De Schüler ass net kapabel, kuerz, einfach Texter iwwert vertrauten a fir de Schüler relevant Themen ze schreiwen esou wéi Formularen auszufüllen.
			Kulturverständnis	De Schüler ass net kapabel, e Grondverständnis vu kulturellen Aspekter vun de Länner vun der Zilsprooch nozeweisen an ass net kapabel, e Bezuch tëschent sengem Kulturverständnis a kulturellen Aspekter vun de Länner vun der Zilsprooch hirzestellen.
			Sproocheléieren	De Schüler ass net kapabel, d'Kenntnes vu grondleeënde Strategië fir d'Léiere vu Sproochen nozeweisen an dës Strategien unzewennen. Hien ass net kapabel, grondleeënd Léiermethoden a Léiermëttel fir d'Léiere vun enger Zilsprooch unzewennen.